ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 11. Mee 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister an den Här Aarbechtsminister weiderzeleeden.

Den „Time Management" huet sech an der Wirtschaft duerchgesat. Säin Zil ass et, d'Produktivitéit ze steigeren, andeems fir all Aarbecht, déi am Betrib ufält, eng Zäit errechent gëtt, déi d'Salariéen anhale mussen. Déi Praxis, déi an alle Secteure scho fir vill Onzefriddenheet gesuergt huet, ass och am Gesondheetswiese verbreet. An och hei héiert ee vu Gesondheetspersonal, datt déi Zäite fir vill Patienten ze knapp bemooss sinn an datt déi knapp Zäit zu Laaschte vun der Qualitéit vum Zerwiss a vun der Gesondheet vu Patient a Personal geet. Duerfir hätt ech dës Froen un déi zoustänneg Ministeren:

1. Kontrolléiert d'Regierung um Aarbechtsmaart, wéi realistesch d'Zäitvirgabe vun Entreprise fir hir eenzel Missioune sinn, fir sécherzestellen, datt den Drock op d'Salariéen net ze grouss gëtt?
2. Wa jo, wéi eng Verwaltung ass fir esou Kontrollen zoustänneg?
3. Wann neen, wär net op mannst am Gesondheetswiesen esou eng Kontroll ubruecht, well et hei jo net just ëm d'Produktivitéit vun engem Betrib geet, mee haaptsächlech ëm d'Wuelbefanne vum Patient? Wéi eng Verwaltung aus dem Gesondheetswiesen ass fir esou Kontrolle geeegent?
4. Ass et net um Gesondheetsministère fir bis an den Detail Zäitvirstellunge fir medezinesch Handlunge festzeleeën an dës mat der Realitéit an de Spideeler a besonnesch de personelle Méiglechkeete vun dësen ze konfrontéieren – dëst am Kader vun der Suerg ëm eng qualitativ héichwäerteg Medezin?
5. De Problem vun de Maternitéën ass jo an der Aktualitéit. Mee net nëmmen hei geet et bei Dokteren, Infirmieren an Infirmièren ëm d'Attraktivitéit vum Beruff a leschten Enns drëm, genuch Personal ze fannen. Gëtt et eng Lëscht vun deene Spidolsdéngschter, déi am meeschten ënner Personalnout leiden, zum Beispill Radiographie oder Anästhesie?

6. Wat mécht d'Regierung fir Lëtzebuerg fir Spidolspersonal an Dokteren attraktiv ze maachen? Gëtt et en Dialog mat de Spideeler fir Prioritéiten ze setzen a Personalproblemer ze diskutéieren?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire** **25, Ënneschtgaass · L-2240 Lëtzebuerg** **Tel. : (+ 352) 463742**